**Le caractère urgent de la question a été reconnu (14.01.2021)**

n° 3447

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2021

REÇU
Par Alff Christian , 13:11, 14/01/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

Eisen Informatiounen a Berechnungen no huet de Grand-Duché bis elo 15.575 Impfdose geliwwert kritt mat deenen op d'mannst 7.887 Persoune kéinte geimpft ginn. Bis den 12. Januar waren 2.373 Persoune geimpft.

Virun dësem Hannergrond géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung eis Informatiounen a Berechnunge confirméieren?
2. Wann nee, wéi vill Impfdosen hu mir genau bis haut kritt a wéi vill Leit kënnen domat geimpft ginn?
3. Wéi vill Vaccinatioune goufe bis haut wou genau gemaach (Impfzenter, Spideeler, Fleegestrukturen)?
4. Fir wat si réischt ronn 2.400 Leit geimpft bis elo, wëssend datt mindestens fir dräimol esouvill Leit Vaccin disponibel ass?
5. Wat ass aktuell déi maximal deeglech Impfkapazitéit?
6. Wéi vill Impfdosen hunn déi eenzel Spideeler a Strukture bis elo geliwwert kritt a wéi vill vun deene sinn nach disponibel?
7. Wéi vill Leit aus wéi enge Secteuren si bis haut ugeschriwwe ginn a wéi vill vun deenen hunn sech bis elo impfe gelooss?
8. Wéi ass de Liwwerungsplang vun de Vaccine, wëssend datt dee vun Dag zu Dag ännert?
9. Wéi eng Persoune ginn oder goufe fir d'nächst Woch erëm an den Impfzenter an der Victor Hugo Hal invitéiert?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Claude Wiseler
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

REÇU
Par Christine Wirtgen , 15:04, 15/01/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 15 janvier 2021

**Réf. :** 836x14053

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 3447 du 14 janvier 2021 de Madame la Députée Martine Hansen et Monsieur le Député Claude Wiseler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'Etat, et de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 3447 du 14 janvier 2021 de Madame la Députée Martine Hansen et de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant la « stratégie de vaccination».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3447 du 14 janvier 2021 de Madame la Députée Martine Hansen et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant la « stratégie de vaccination».**

**1.Kann d'Regierung eis Informatiounen a Berechnunge confirméieren?**
**2.Wann nee, wéi vill Impfdosen hu mir genau bis haut kritt a wéi villLeit kënnen domat geimpft ginn?**

Lëtzebuerg huet Impfdosen fir 7.912 Persoune kritt. Bis den 13. Januar sinn 2.871 Leit geimpft ginn.

**3.Wéi vill Vaccinatioune goufe bis haut wou genau gemaach (Impfzenter, Spideeler, Fleegestrukturen)?**

An der Hall Victor Hugo sinn 1.487 Leit geimpft ginn. Bis den 13. Januar sinn an de Spideeler 483 Leit an an den Altersheimer ronn 900 Leit geimpft ginn.

**4.Fir wat si réischt ronn 2.400 Leit geimpft bis elo, wëssend datt mindestens fir dräimol esouvill Leit Vaccin disponibel ass?**

Tëschent deem Dag wou de Vaccin physesch zu Lëtzebuerg ukënnt an deem Dag wou d'Leit kënne geimpft ginn verginn e puer Deeg.

Esou kruten d'Spideeler den 11. Januar Vaccin'en fir 1.950 Leit geliwwert. Dee Vaccin gëtt da schnellstméiglech verschafft.

Fir déi mobil Equippen an den Altersheimer sinn aus der 1. Allocatioun Vaccin'en fir 1.462 Persoune virgesinn. Och hei muss als éischt eng administrativ Viraarbecht zesumme mat den Direktioune vun de Strukturen an de Famillje vun de Bewunner gemaach ginn iert d'Equippen sur place impfe kënnen.

Fir déi restlech Vaccin'en déi ab dem 18. Januar an dem Hall Victor Hugo benotzt ginn, mussen d'Leit als éischt eng Invitatioun geschéckt kréien an sech op där Basis ee Rendezvous iwwert de Myguichet huelen. Dës Invitatioune sinn alleguer erausgaangen.

Dës Operatiounen erklären, datt een Décalage tëschent der Arrivée vum Vaccin an der Impfung selwer ass.

**5.Wat ass aktuell déi maximal deeglech Impfkapazitéit?**

Am Moment ass den Hall Victor Hugo deen eenzegen Impfzenter, deen operationell ass. Bei enger Ouverture vu 60 Stonne/Woch läit déi wöchentlech Impfkapazitéit bei ronn 7.600 Impfungen.

**6.Wéi vill Impfdosen hunn déi eenzel Spideeler a Strukture bis elo geliwwert kritt a wéi vill vun deene sinn nach disponibel?**

D'Spideeler kruten den 11. Januar am Ganzen Vaccin'en fir 1.950 Leit geliwwert. Déi mobil Equippen krute Vaccin'en fir 1.462 Leit. D'Vaccin'en déi nach disponibel sinn, ginn aus der Äntwert op d'Fro 4 eraus.

**7.Wéi vill Leit aus wéi enge Secteuren si bis haut ugeschriwwe ginn a wéi vill vun deenen hunn sech bis elo impfe gelooss?**

Aus deene prioritäre Sekteuren, déi net an de Spideeler an an den Altersheimer geimpft ginn (cf. Äntwert op d'Fro 9), si ronn 4.000 Leit ugeschriwwe ginn fir sech ee Rendezvous fir d'Woch 3 a 4 am Impfzenter Victor Hugo ze huelen.

**8.Wéi ass de Liwwerungsplang vun de Vaccine, wëssend datt dee vun Dag zu Dag ännert?**

Déi nächst Liwwerung vun Pfizer ass fir den 18. Januar virgesinn. Hei solle Vaccin'en fir 2.437 Persoune geliwwert ginn. Dovunner solle Vaccin'en fir 1.950 Leit an d'Spideeler geliwwert ginn.

**9.Wéi eng Persoune ginn oder goufe fir d'nächst Woch erëm an den Impfzenter an der Victor Hugo Hal invitéiert?**

D'Kategorien déi an den Impfzenter Victor Hugo invitéiert ginn sinn:

- d'Professionnels de santé aus dem Copas Réseau;
- dat anert administrativt Personal aus dem Copas Réseau;
- d'Professionnels de santé déi ausserhalb vum Spidolssekteur intervenéieren;
- fräiberufflech Dokteren déi net am Spidolssekteur intervenéieren;
- d'Ambulancier'en déi Covid Transporter maachen.